N° 6110
Reçue le 31.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6110 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wéi eng Autorisatiounen a Pabeiere brauch eng Persoun oder Firma fir de Verkaf vun liewege Déieren am Allgemengen?**
   **Brauch et eng speziell Autorisatioun fir de Verkaf vun liewege Homarden?**

D'Punkten 1 an 2 vum Art. 6 (2) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 schreiwen eng ministeriell Erlabnis fir den Handel mat liewegen Déiere vir, déi ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Den Art. 2 vum Déiereschutzgesetz präziséiert, wat fir eng Déieren ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Homarde falen net ënnert d'Déiereschutzgesetz. Homarde sinn ugesinn als Fëschprodukter, déi am liewegen Zoustand konservéiert ginn.

**2.1. Wat fir Haltungs-Standarde ginn et bei der Haltung vun Homarden ze respektéieren, vun der Aféierung an eist Land bis zum Verkaf an engem Geschäft oder Restaurant un de Consommateur?**

**2.2. Wat fir Standarden si beim Transport vum Déier bis bei de Consommateur anzehalen?**

**2.3. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dës Standarde genügend sinn?**

Vu dass et sech ëm Liewesmëttel handelt, déi lieweg konservéiert ginn, falen dës Produkter ënnert déi europäesch an national Liewesmëttelgesetzgebung, an et muss séchergestallt sinn, dass si beim Fang, beim Transport bis bei den Endkonsument dëse liewegen Zoustand behalen. Donieft muss selbstverständlech, wéi bei all anere Liewensmëttel och, hei d'Liewensmëttelsécherheet garantéiert sinn. Standarde berouen op wëssenschaftleche Krittären, a wann et op deem Niveau nei Erkenntnisser gëtt, soll d'Gesetzgebung un dës ugepasst ginn.

**3. Wat fir weider Déiere kënnen, wéi den Homard an aner Krustendéieren, als lieweg Iesswuer verkaaft ginn?**

Muschelen an Austere ginn och lieweg als Iesswuer verkaf.

**4. Deelen d'Ministeren d'Meenung, dass et net am Sënn vum Déiereschutz ass, fir den Déieren d'Schéieren zesummen ze strécken, se a klengen Aquariumen ze halen, fir se da schlussendlech lieweg a kachend Waasser ze geheien?**

An deem Beräich gëtt et sécherlech nach Handlungsbedarf. Lëtzebuerg ass bereet do Efforten ze maachen a matzehëllefen, d'Gestzgebung op EU-Niveau am Sënn vum Déierewuel ze verbesseren.

**5. Gesinn d'Ministeren hei ee méigleche Konflikt mat der Verankerung vum Déiereschutz an der neier Verfassung souwéi am Déiereschutzgesetz vun 2018?**

Wéi ënnert dem Punkt 1 präziséiert, falen d'Homarden net ënnert d'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018.

**6. Wäert de Verkaf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg weiderhi legal bleiwen?**

De Verkaf vu liewegen Homarden als Liewesmëttel ass legal soulaang et keng Gesetzgebung gëtt, déi dat verbitt.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN